

Visite vum Luxembourg Centre for Systems Biomedicine

Den 13. Oktober 2014 war eng Delegatioun vum Comité MSL op Invitatioun vum Professor Rudi Balling op Visite am Luxembourg Centre for Systems Biomedicine vun der Uni Lëtzebuerg, Site Esch/Belval.

De Professor Balling an den Dr Lamesch hunn eis een interessante Virtrag iwwert de Fonctionnement (150 Employéen) vun hirem Centre gehalten, erkläert dass si Fuerschung am neurodegenerative Beräich maachen, ënner anerem iwwer Parkinson. Si hunn eis d'Wichtigkeet vun der Fuerschung zu Lëtzebuerg erkläert a wéi d'Finanzlag vun der Recherche zu Lëtzebuerg ausgesäit, wat hir Schwierigkeiten vun der Fuerschung am Zusammenhang mat dem Patient a sengen Rechter sinn

Zum Schluss huet den Dr Jens Schamborn eis säi Laboratoire presentéiert an eis am Mikroskop Beispiller vun der Zellfuerschung gewisen.



1.Rei : Professor Rudi Balling, Jacques Steffen

2. Rei : Line Fohl, Claudine Katzenmeier

3.Rei : Mike Urbing, Jeff Katzenmeier, Anne Weydert, Dr Philippe Lamesch

UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG

LUXEMBOURG CENTRE FOR SYSTEMS BIOMEDICINE
Campus Belval | House of Biomedicine
7, avenue des Hauts-Fourneaux
L-4362 Esch-sur-Alzette